N°1645
Entrée le 15.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°1645 vum 10. Dezember 2024 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

D'Méiglechkeet, Suen ze empfänken, gehéiert zu de grondleeënde Funktioune vum engem Bankkont.

Den Empfang vu Sue kann, voire muss verweigert ginn, wann d'Hierkonft vun de Suen net ka gekläert ginn, esou dass Geldwäsch oder aner illegal Aktivitéiten net kënnen ausgeschloss ginn.

All Bank definéiert hir kommerziell Politik a muss och hire Risiko-Appetit definéieren. Wann d'Geldtransferte géint dës oder géint déi allgemeng Geschäftskonditioune vun der Bank verstoussen, kënne se och refuséiert ginn. Dës ka sech gegeebenefalls och op Geldtransferte vu Kryptoboursen (*fiat leg*) bezéien.

Lëtzebuerg, de 15. Januar 2025

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth